N°4217
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

An de leschte Joren ass d'Wichtegkeet vun der Preventioun an domat och vun de Recommandatioune fir Impfungen no Alter a Risikoprofil ëmmer méi an de Vierdergrond geréckelt. Besonnesch fir eeler Persounen oder Persoune mat engem geschwächten Immunsystem ginn haut verschidde Vaccinatioune recommandéiert, ënner anerem géint Gürtelrouse, RSV, saisonal Gripp oder Covid-19. A verschiddene Fäll ginn och speziell Héichdosis-Impfstoffer recommandéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch en Iwwerbléck ginn, deen opweist, ab wéi engem Alter verschidden Impfungen als sënnvoll oder recommandéiert ugesi ginn – differenzéiert no Geschlecht (Fraen/Männer) souwéi fir Persoune mat Immunosuppression oder anere Risikofacteuren – an dëst konkret fir follgend Impfungen: FSME (Zecken), Hepatite A a B, MMR (Riedelen, Mumps, Riedelen), RSV, Gürtelrouse, saisonal Gripp, Covid-19 souwéi Héichdosis-Impfstoffer fir eeler oder immunosuppriméiert Persounen?

2. Wéi eng vun dëse recommandéierten Impfunge ginn aktuell vun der CNS rembourséiert, evaluéiert no bestoenden ALD-Krankheeten an dem Alter vum Patient?

3. Zu wéi engem Prozentsaz ginn déi jeeweileg Impfstoffer aktuell vun der CNS iwwerholl?

4. Sinn aktuell Mesurë geplangt, fir d'Recommandatiounen oder d'Remboursementer vu bestëmmten Impfungen auszebauen?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés